MERSCH 75

Score als Sponsor

Ënnerstëtz den Handball Miersch
an der AXA League an op senger Missioun

M75 2025

M75 2025

50 Joer Handball Miersch an Titel Play-Off AXA League

Léif bestoend an zukünfteg Sponsore vum Handball Miersch,

Wéi den Titel et verréit, sinn eis Ziler kloer. Eis jonk Equipe huet awer iwwert d'Zil erausgeschoss a schonn an där aussergewéinlecher Saison 2020/21 den Exploit fäerdeg bruecht sech fir den Titel Play-Off an der AXA League ze qualifizéieren. Dësen Exploit konnte mir an der leschter Saison esouguer widderhuelen. Mir sinn also zouversiichtlech fir d'Saison 2022/23 a mir wëllen eis an deem Titel Grupp festbäissen, fir esou déi nächst 50 erfollegräich Jore vum Club anzelauden.

Fir déi nei Saison bleiwe mir eiser Linn trei: mir wëllen all eise Jonge Spillzäit an der AXA League ginn an eis Nowuesstalenter entwéckelen. Fir de Maintien an der AXA League wäerte mir eis awer och weiderhi mat erfuerene Spiller a mat jonken, hongregen Talenter verstäerken.

Mir freeën eis op eng spannend Saison mat schnellem, attraktiven Handball an hoffen lech net nëmmen als Sponsor mee vläicht als laangjärege Partner a besonnesch als Fan fir eise Sport ze begeeschteren.

Den Erfolleg heescht awer och datt mir eis verflichten: Als Kollektivsport hu mir eng gesellschaftlech Verantwortung a sichen aktiv d'Zesummenaarbecht mat deenen anere Veräiner an de Gemengeresponsabel fir ee méiglechst professionellt Encadrement vun de Kanner ze garantéieren. Mat eisem Kidssport setze mir op een aktiivt Rekrutement vun de Kanner am Kanton Miersch a probéiere sie fir de Ballsport ze begeeschteren. Mir engagéieren eis am gesellschaftleche Liewen an der Stad Miersch an hëllefe bei de verschiddenste Manifestatiounen (Balloon Trophy, Chrëschtmaart, Feierlechkeete fir Nationalfeierdag asw.). Mir stäerken de Benevolat. Eise Veräin huet méi wéi 200 Memberen, eng flexibel Aarbechtsstruktur, gesond Finanzen an eng Missioun: ***"M75 2025"***.

Är Ënnerstëtzung hëlleft eis, eis Visioun net aus den Aen ze verléieren an eise Sport, mee och de Sport am allgemengen am Zentrum vum Land, méi attraktiv ze maachen.

Elo schonn ee grousse Merci fir Ären Interessi an Är Ënnerstëtzung!

Team Mersch75

Loic Didelot
loididelot@mersch75.lu

Armand Kremer
armkremer@mersch75.lu

Dany Rollinger
danrollinger@mersch75.lu

Adrien Deischter
adrdeischter@mersch75.lu

Eis Offer

Club 2025
2.025€

Als Member vum Club 2025,
ënnerstëtzt Dir aktiv d'Visioun vum HB Miersch mat engem järleche Betrag vun **2.025 €** wärend 3 Joer. Dofir kritt dir eng attraktiv Logopräsenz op den Trikoten, Warm-Ups, Fan-Shirts, Drénkfläschen oder op eise Mutzen a Kapen. Am Club 2025 ass natierlech och een Digital Package dran an ee Panneau fir an d'Hal enthalen.

Billboard Florsticker
850€
1.500€

Fir nëmmen **850 €** pro Saison hänkt Äre Panneau mat de Moossen

L: 1,80-2,00m H: 0,90m Déckt: 0,8-10mm

net nëmme bei all Match an der Hal, mee bleift och beim Spectateur hänken! Dat zielt fir all eis Heemmatcher an der Nationaldivisioun/ Promotioun, bei eisen Dammen, bei der Jugend a bei de Kanner.
Déi 2 (Billboard + Florsticker) zesumme fir **1.500 €**.

Digital Sponsorship
450€

Maacht lech et einfach!!!!
Logopräsenz op eiser Internetsäit, an der Mailsignature vun den Newsletters a vun all E-Mail déi verschéckt gëtt an natierlech ernimmt am #Hashtag op Facebook, fir nëmme **450 €** pro Saison.

My favorite player Sponsorship
490€

Ënnerstëtzt exklusiv Är oder Ären absolutte Liblingsspiller(in) oder Rookie vun eiser Seniors1 oder Dammen, mat engem Betrag vu **490 €** pro Saison. Äre Logo ass op dem rietsen Aarm vum Trikot vun Ärem Favorit an de Speaker verliest bei der Spillerpräsentatioun kuerz virum Match och d'Spillersponsoren.

Eis Offer

Matchflyer
500 €

Bei all Heemmatch an der Nationaldivisioun gëtt ee Matchflyer un all d'Spectateuren ausgedeelt.
Fir nëmme **500 €** pro Match sidd Dir mat Ärer Annonce bei all Heemmatch um Flyer present.

Matchball
150 €

Dir sponsert ee Matchball bei engem Heemmatch,
Ären Numm gëtt vum Speaker genannt an Dir stitt mat Ärem Numm um Matchflyer. Dat Ganzt just fir **150 €**.

Club 150
50 €
100 €

Mat **100 €** fir d'Jugendaarbecht a **50 €** fir de Seniorsberäich kënnt Dir besonnesch als Mierscher d'Visioun vum Veräin an de Benevolat ënnerstëtzen.
Als Member vum 150er Club kritt Dir fräien Entrée bei all den Heemmatcher an der Axa League.

My Personal Sponsorship
_____ €

Hei hutt Dier Méigelechkeet **mat Ärem perséinleche Betrag**, duerch eng Iwwerweisung op de Kont vun der Spuerkeess
Iban: LU73 0019 2200 0860 7000
mat oder ouni Engagement, eise Veräin ze ënnerstëtzen.

* *All d'Präisser sinn ouni Produktiounskäschten*

Eis Visioun

Mersch75 wëll :

- den Handballsport zu Miersch an am Uelzechtdall méi populär maachen
- d'Gesondheet vun eise Kanner a Jugendleche stäerken
- een Ëmfeld bidde wou Frëndschaft, Spaass an de sozialen Zesummenhalt zielen

Dëst maache mir :

- mat engem engagéierten a motivéierten Trainerstaff
- mat enger flexibeler Aarbechtsstruktur a Sportaktivitéite fir all eis Memberen
- andeems mir de Benevolat stäerken a Communautéit schafen
- andeems mir d'Zesummenaarbecht mat deenen anere Veräiner aus der Gemeng Miersch sichen

... an hëllefen datt Miersch déi Sporthéichbuerg am Häerz vum Land gëtt

Adresse Postale
Boîte postale 75 > L-7501 Mersch
IBAN : BCEE LU73 0019 2200 0860 7000
Tel.: 288 003 99
E-mail : info@mersch75.lu
Internet : www.hbmersch.lu

Installations Sportives

Hall Omnisports
21, rue des Prés
L-7561 MERSCH

Hall Omnisports Krounebierg
rue de la Piscine
L-7572 MERSCH

MERSCH 75

Fédération Luxembourgeoise de Handball

AXA League

Staffel	Nr.	Datum und Zeit	H-Nr.	Heim	Gast
H-AXA	29101012	So, 11.09.22, 18:00h	290101	Mersch75	HC Standard
	29101024	Sa, 17.09.22, 20:15h	290041	CHEV Diekirch	Mersch75
	29101032	Sa, 24.09.22, 20:15h	290144	Red Boys Diff	Mersch75
	29101044	Mi, 28.09.22, 20:30h	290101	Mersch75	HB Käerjeng
	29101055	So, 02.10.22, 18:00h	290101	Mersch75	Esp Rumelange
	29101062	So, 23.10.22, 18:00h	290101	Mersch75	Handball Esch
	29101073	Di, 08.11.22, 20:30h	290051	HB Dudelange	Mersch75
	29101085	So, 13.11.22, 18:00h	290101	Mersch75	HC Berchem
	29101095	Sa, 19.11.22, 20:15h	290161	HBC Schiffl.	Mersch75

Contrat
Sponsoring

Mersch, le _____

Suivant accord commun entre les deux parties signataires,
le “Mersch75”, Club de Handball, et

La Firme, l’Ets. _____

Adresse _____

e-mail _____ , tél. mobile _____

il a été convenu de respecter les points émis dans le descriptif complet de
ce dossier en faisant une croix dans la/les case(s) avant /les offre(s) voulues.

Du _____ au _____

prorogeable d’une année si le contractant ne résilie pas ce contrat
au moins 3 mois avant terme et comprenant un montant total de

en chiffres _____ €

en lettres _____ €

à payer par la firme / l’établissement / représenté(e) par

Madame, Monsieur

_____

au “Mersch75”, Club de Handball, à virer au n° de compte à la Spuerkeess
IBAN LU73 0019 2200 0860 7000
après réception d’une facture, établie à chaque échéance anniversaire du contrat.

☐ ***Club 2025*** *2.025€*

☐ *1.500€*

Billboard ☐ *850€*
Florsticker ☐ *850€*

☐ ***Digital Sponsorship*** *450€*

☐ ***My favorite player Sponsorship*** *490€*

Numm Spiller (in): _____

☐ ***Matchflyer*** *500€*

☐ ***Matchball*** *150€*

☐ ***Club 150*** *50€ / 100€ / 150€*

☐ ***My Personal Sponsorship*** *> 49,99€*

_____ _____

Madame, Monsieur
Représentant(e) de la Firme / l’Éts

Le Président Mersch75 et
un(e) réprésentant(e) Membre du CA Mersch75

Le contrat est émis en autant d’exemplaires que de parties.